

### TÉMOIGNAGE DE LAURA



Mäin Numm ass Laura. Ech hunn 42 Joer, si bestuet, hunn 3 Kanner a sinn Infirmière. Genee virun engem Joer, den 2. Abrëll, krut ech d'Diagnos : Broschkriibs. Dir frot lech villäicht, ob et méi einfach oder méi schwéier ass fir eng Infirmière ?

Engersäits hunn ech mir gesot, et ass eng Chance e Broschkriibs ze hunn, deen u sech scho vill erfuerscht ass, anerersäits wosst ech, wat op mech géing duerkommen...an dat ganz genee.....

D'Course ass de 16. Abrëll lass gaangen.....

Déi 8 Méint Rees op der Autobunn, mat Etappe vun OP, Chimio a Radiotherapie géife schwéier ginn, mat mengem eenzege Zil : d'Heelung.

Dank Famill a Frënn, Dokter an Infirmière konnt ech trotz ganz villen Deviationen erëm op d'Autobunn zeréck.

Ech weess aus mengem beruffleche Liewen, datt et wichteg ass, sech Ziler ze setzen, Projeten ze maachen, meng eege Ressourcen ze benotzen, fir un d'Haaptzil ze kommen.....

Ech hunn e witzege Kalenner gemaach mam Thema Glatz bei der Fra, an dat 7 Deeg no der OP, an nach vill aner Projeten....an dëst alles während der Therapie.

An dunn .....

An du koum de 14. November, wou déi konstant Vitesse op der Autobunn abrupt opgehale huet. Keng Radiotherapie, keng Behandlung méi, keen imposéierte Rhythmus méi.....

Obwuel ech et wosst, obwuel ech erëm e Rhythmus a mengem Liewen wollt hunn, stoung ech op der Autobunn , alles ass laanscht mech geflunn, an ech hu mech gespuert wéi en Duerf no engem Tsunami am kompletten Niwwel.

Dank der psychologescher Ënnerstëtzung vu Fondatioun Cancer, hunn ech d 'Duerf erëm opgebaut kritt !

Et stinn erëm e puer Haiser, et ass erëm Liewen am Duerf, och wann dëst Duerf ni méi esou gött wéi virun.

Elo stinn ech hei, ganz genau ee Joer no der Diagnos, a sinn der fester Iwwerzeegung, datt mäin Ëmfeld an de medizineschen Know -how dozou bäigedroen hunn, dass ech haut a kompletter Remissioun sinn !

Och wann ech net weess, wat muer kënnt...ech genéissen all eenzege, och einfache Moment, dës Kéier net op der Autobunn, mee um Wee vum Liewen.

An eppes weess ech ganz sécher! Dass dank Leit wéi lech, duerch hir Solidaritéit, ech mäin Zil erreeche konnt .

MERCI.